ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. Mäerz 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister, den Här Wirtschaftsminister, den Här Minister fir Verdeedegung an den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastrukture weiderzeleeden.

Et gëtt jo ewell laang iwwer d'Erweiderung vun de Lëtzebuerger Tanklager zu Mäertert/Gréiwemaacher, Bartreng (Lëtzebuerg West) an ëm de Bau vun engem Lager zu Käerjeng diskutéiert, dëst esouwuel am Kontext vun der nationaler strategescher Pëtrolsreserve, déi eis vun der EU-Direktive 2009/119/EG wéi och vun der NATO virgeschriwwe gëtt. Eng ganz nei Luucht op dësen Dossier geheie rezent Aussoe vum Här Aarbechtsminister. Deemno géing d'Regierung am Ament net un eng Erweiderung vum Tanklager vu Mäertert/Gréiwemaacher denken. An deem Kontext wollt ech der Madamm Ëmweltminister, dem Här Wirtschaftsminister, dem Här Verdeedegungsminister an dem Här Minister fir nohalteg Entwécklung a fir Infrastrukturen dës Froe stellen.

1. Ass et richteg, wéi den Här Aarbechtsminister op engem Parteitreffen a Präsenz vum Här Wirtschaftsminister gesot huet, datt d'Pläng fir eng Erweiderung vum Tanklager vu Mertert/Gréiwemaacher géingen „am Tirang" leien?
2. Läit fir déi déi Erweiderung ausschliisslech eng Demande fir eng Autorisatioun (an zwou Varianten) vun engem private Bedreiwer vir, a no wéi engem Reglement ass et der Regierung da méiglech, dës Geneemegungsprozedur op Äis ze leeën?
3. Wann de Besoin vun enger strategescher Pëtrolsreserve nach ëmmer eng legal Obligatioun ass, kann dës Obligatioun erfëllt ginn, ouni d'Kapassitéit vun de Lëtzebuerger Tanklager ze erweideren?
4. Wann dat net de Fall ass, wéi gedenkt d'Regierung, den aktuelle Kapassitéitsmangel fir eng Pëtrolsreserve zu Lëtzebuerg opzefänken?

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique

An hirer Äntwert op eng parlamentaresch Fro Nummer 2596 vum 28. November 2016 seet d'Regierung, datt 82 vun deenen 90 Deeg strategesch Pëtrolsreserve vu Lëtzebuerg am Ausland stockéiert ginn.

5. Huet sech un deem Prorata bis haut eppes geännert?
6. Wat sinn d'Käschte vun dëser Operatioun?
7. Handelt et sech dobäi em materiell Stocken oder eventuell ëm Kafoptiounen um Pëtrolsmaart?
8. Wéi ass assuréiert, datt, am Fall vun enger net méi no definéierter Kris, déi Stocken, déi am Ausland gelagert sinn, och hire Wee op Lëtzebuerg fannen?
9. Geet et duer, Reserven am Ausland ze halen, fir d'international Obligatiounen vu Lëtzebuerg ze erfëllen, oder muss no der EU-Riichtlinn 2009/119/EG oder aneren Obligatiounen en festgeluechten Deel vun der strategescher Reserve zu Lëtzebuerg sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten